Journée nationale de l'inclusion numérique

ÉISLEK DIGITAL

An eisem Projet „ÉISLEK DIGITAL: Zougang zu Neien Medien fir eeler Leit am Éislek“ engagéieren mer eis fir Leit ab 50 Joer déi an enger vun 9 Nordgemengen liewen an nach keng Kenntnisser an de Neien Medien hunn.

Mir treffen d'Leit an hiren Dierfer an Gemengen fir ze weisen wat Virdeeler vun der digitaler Welt fir si kënnen sinn. Si sollen erliewen, datt et Spaass mécht, flott an och praktesch ass – an och een Surplus an all Alter ass.
Et soll een ausprobéieren an net zécken, well een den Ëmgang nach an all Alter léieren kann!
D'Leit kréien en Tablett mam mobillen Internet proposéiert den si no enger Aféierung mat heem huelen fir do ze üben.

All Tablett ass am Virfeld installéiert, et sinn verschidden Applikatiounen drop an an der Galerie kleng Filmer an Tutorials déi een kucken kann an déi beim alldeeglechen Gebrauch hëllefen.
Nieft dem Tablett kritt jiddereen eng detailléiert Dokumentatioun mat Biller vum Bildschierm.
Et kann een reegelméisseg seng Froen stellen an et kritt een weidergehollef. Mindestens 1x Woch ginn Leit déi matmaachen kontaktéiert fir ze kucken ob si eens ginn an nach Froen hunn.

Den Encadrement ass individuell: ëmmer 1 zu 1.
Mir sichen Leit di genau sou motivéiert sinn wéi eis Equipe an och Freed dobäi hunn de Leit am Benevolat bei Froen ze Verfügung ze stoen an hinnen am Ëmgang mat den digitalen Medien weiderzehëllefen fir datt eng gutt Iddi nët am Sand verleeft.